Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L- 4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q.- WTBA – WNBA - EBFU - NBN

Petingen, den 4.Oktober 2021

BETREFF: DECISIOUNE AM SPORT

Léif Veräinsverantwortlecher vun de Sportkeeleklibb,

mir haten eis jo d'Recht geholl d'Situatioun mam QT Zenter ofzewaarde fir Decisiounen ze huelen, déi et eis erméiglechen eise Sport awer ausüben ze kennen. Mir verstinn, dass verschiddener immens ongedëlleg waren, mee mir hunn jo schonns um Kongress matgedeelt, dass et egal wéi lassgeet.

Duerch d'Situatioun zu Péiteng an och engem internationalen Turnéier, wou et nach läscht Woch eng kuerzfristeg Ännerung gouf, hu mir de ganze Plang vun den Eenzel- an Tandemmeeeschterschaften adaptéiert. Mir bieden hei em Versteesdemech, mee wann mir am Abrëll/Mee e Kalenner opstellen, kenne mir net ëmmer op alles virbeered sinn, wat sech ergëtt. Hei sinn dann déi nei Datumer:

Donneschdeg 21.10	Ausscheedung Tandem Senioren/Dammen/Keller/Fuchs	Schlënner
Dënschdeg 26.10	Zweschenronn Tandem Mixte (Plazen 5-12)	Schlënner
Donneschdeg 28.10	Zwëschenronn Senioren B (16Auer) an Häre A (18Auer)	Schlënner
Méindeg 8.11	Véirelsfinall Häre A	Schlënner
Dënschdeg 16.11	Hallewfinall Häre A + Senioren A	Schlënner
Donneschdeg 18.11	Hallewfinall Junioren + Senioren B	Schlënner
Méindeg 22.11	Hallewfinall Tandem Senioren + Tandem Dammen	Schlënner
Dënschdeg 23.11	Hallewfinall Tandem Häre A	Schlënner
Donneschdeg 2.12	Hallewfinall Tandem Mixte	Schlënner
Sonndeg 12.12	Finallen Tandem	Schlënner
Sonndeg 19.12	Finallen Eenzel	Schlënner

Vue que dass et jo ka méiglech sinn, dass Leit net méi aktiv sinn, oder se net méi untriede wëlle bidde mir jidderengem d'Méiglechkeet sech bis de 15.Oktober per Mail un flq@pt.lu ofzemellen. Et falen dann och keng Strofen un!

D'Coupe vun 2021 gëtt jo och nogeholl! Doduerch, dass zu Péiteng keng Bunne leien ass et schwéier neutral Bunnen ze fannen. Zesumme mam CA huet duerfir d'TKS decidéiert, dass d'Coupe de Luxembourg den Weekend vum 27.+28.November zu Morbach gespillt gëtt.

Fir en zäitlechen Oflaf hinzekréie gëtt des Coupe ausnamsweis och just mat 4 Eenzelspiller gespillt.
Mir gi elo dovunner aus, dass all ugemellten Ekipp un dir Coupe deelhëlt, mee mir bidden Iech och hei d'Méiglechkeet eng Ekipp bis den 15. Oktober ofzemellen. Ausgeloust gëtt d'Coupe den 28.Oktober.

Doduerch, dass keng Ausscheedungen fir d'Championnat kann gespillt ginn proposéiert d'TKS folgend Opdeelung vun den Divisiounen:

Nationaldivisioun:	**Éirepromotioun:**	**Promotioun:**
KSC Honnerter Performance A	QC Le Rivage	Joker 86
KC Amicale Post A	KC Django	SKC Amicale 98
KSC Bourscheid A	KSC Bourscheid B	KSC Douanes et Accises
Bieles 2000	KSC Honnerter Performance B	KSC Bourscheid C
KSC Big Lions	KC Amicale Post B	KSC Honnerter Performance C
KSC Diddeleng		

D'Championnat vun der Nationaldivisioun soll am November ufänken. (1 Spilldag November/1 Spilldag Dezember/ 2 Spilldeeg Januar/2 Spilldeeg Februar/ 2 Spilldeeg Mäerz/ 2 Spilldeeg Abrëll). Di Matcher vun de Big Lions an dem KSC Diddeleng gi gedréint op den éischten zwee Spilldeeg. D'Matcher sollen den 28.10 um 19 Auer op der Schlënner beim Jules festgeluecht ginn.

D'Éierepromotioun an d'Promotioun fänken am Januar mam Championnat un. Falls bis dohinner di Bunnen zu Péiteng net leie sollen alleguerten d' Matcher vun Péitenger Ekippen op der Schlënner gespillt ginn, bis dass d'Bunne leien. De Problem stellt sech vrun allem an der Promotioun.
D'Matcher wäerte mir am Dezember festleeën

D'Generalversammlung vum Sport ass dann och den 28.10 um 20 Auer beim Jules.

Mir wäerten alleguerten di Momenter ënnert Covid Check lafe loossen.

Mir bieden Iech em Versteesdemech, mee leider befanne mir eis hei an enger net gewielter Situatioun, wou mir probéieren di bescht Léisungen ze fannen.

Mat de beschte Gréiss

ANDRE Sacha